LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

*ET GËLLT DAT GESCHWATENT WUERT – SEUL LE DISCOURS PRONONCÉ FAIT FOI*

# Déclaration de politique étrangère et européenne 2025

## 1. INTRODUCTIOUN

- Zanter leschtem November ass vill geschitt:
- Neie Moment : Waffestëllstand am Noen Osten. Mä an der Ukraine geet de Krich weider
- China (Xi Jinping-Trump), USA (Tariffer)
- Aner Krisen déi net dierfe vergiess ginn : Venezuela, Sudan, Grands Lacs, etc.
- An Europa : Frankräich onstabil Regierung, Däitschland AfD virun der CDU
- **Wat ass an där Situatioun d’Roll vun engem klengen, europäesche Land, fir den internationale Fridden an d’Sécherheet ze verteidegen, ouni seng Interessen a Wäerter ze vernoléissegen?**

## 2. POLITESCH SITUATIOUN UM INTERNATIONALE NIVEAU + SÉCHERHEETSARCHITECTURE + MULTILATERALISMUS/INTERNATIONAL RULES-BASED ORDER

- Ech hunn et gesot : Elo ass et gläich e knappt Joer hier, dass an Amerika den Här **Trump erëm gewielt** ginn ass.
- Ech sinn et gewinnt fir matt dem Här Trump an senger Administratioun ze schaffen an hunn dat och dëst Joer **pragmatesch** gemaach, fir ons Interêten, mee awer och ons Valeuren ze verteidegen. Ech wäert mech och iwwert déi nächst Joren em en **oppenen an éierlechen Kontakt** matt der neier Administratioun beméien.
- Amerika ass a bleift nämlech – onofhängeg dovunner ween grad de Präsident ass – weiderhinn onsen **wichtegsten Partner ausserhalb vun Europa**. Besonnesch wat den **Commerce** ugeet, mee natierlech och am Beräich vun der **Sécherheet**, wat jo am aktuellen Kontext en ëmmer méi wichtegen Sujet gëtt, ass e positiivt Verhältnis matt Amerika onëmgänglech. Aus deem Grond, hunn ech mech iwwert d'Joer aktiv agesat, fir d'transatlantesch Relatiounen ze verstäerken.
- **Visitten/Reesen an d'USA :** Abrëll 2025, Washington D.C., éischte formellen Kontakt matt der neier Administratioun. Entrevue mam **Jamieson Greer**, dem Handels-Representant vun der aktueller Administratioun, Entrevue matt enger héichranger Beamtin am State Department, der **Lisa Kenna** (de Marco Rubio war am Ausland). Wichtegkeet vun der bilateraler Relatioun.
- Ech war awer och op **d'West-Küst an an Texas**, wou ons kommerziell Opportunitéiten am Mëttelpunkt stoungen. Amerika bleiwt deen éischten Handelspartner vun LU ausserhalb vun Europa.
- Ech si ganz besuergt, dass déi aktuell Administratioun sech vum **Multilateralismus distanzéiert**. De Multilateralismus ass fir e klengt Land wéi onst existentiell. Den UNO-System, internationaalt Recht a Kooperatioun, sinn awer net nëmmen fir ons, mee och fir grouss Länner liewenswichteg.
- Ech menge schon, dass och den Här Trump sech däers bewosst ass, an sech an Zukunft och erëm méi fir den internationalen System wäert asëtzen. (E Mandat fir eng Gaza-Stabilisatiouns-Missioun fir den Accord ëmzesetzen, deen de Präsident Trump vermëttelt huet, misst vum UNO Sécherheetsrot ugeholl ginn, an d'USA schaffen do drun.)
- Och wat déi aktuell Konflikter betrëfft, huet dem Donald Trump seng zweet Amtszäit fir vill Verännerungen gesuergt. Seng Efforten fir **tëschent den verschiddenen Konflikt-Parteien an der Welt ze vermëttelen**, beweisen, dass d'USA sech net vum Rescht vun der Welt isoléieren wëllen. Beispiller : Ukraine, Moyen-Orient, mä och : Armenien-Azerbaidjan, Grands Lacs.

### *2.1. UKRAINE (A REGIOUN AM OSTE VUN DER EU)*

**[No 4 Joer Krich – wou si mir drun?]**

- Bal 4 Joer Krich a nach ëmmer keen éierleche Wëllen op russescher Säit, der Aggressioun en Enn ze setzen.
- Hoffen datt **d'USA** sech och weiderhi fir e **gerechten a bestännege Fridden engagéieren**, zesumme matt hiren Alliéierten, a sech kloer fir d'Sécherheet vun der Ukrain asetzen. D'USA hunn

nei Sanktioune geholl, dat begréisse mir. D'Initiativ vun enger Réunioun zu Budapest tëschent Trump a Putin schéngt awer fir de Moment nees suspendéiert ze sinn.

**[Sécherheetsarchitektur vun Europa/Perspektiven & Ëmschichtung vun der Geopolitik]**

- Nei europäesch Sécherheetsarchitektur, déi ëmmer méi kloer ëmrass ass (méi staark europäesch Verdeedegungsindustrie; ëmmer méi strateegesch Onofhängegkeet vun den USA).
- Geopolitesch Reorientéierung vun Europa an en Ëmdenken vun de Bezéiungen matt globale Partner (och mir kënne soen *Europe first* but not *Europe alone).*
- Schwätzen elo vu militärescher Oprüstung an Verdeededegungsbereetschaft, net nëmmen bei der NATO, mee och bei der EU.

[**Friddensperspektiven a Sécherheetsgarantien fir d'Ukrain]**

- Keen huet de Fridden méi verdéngt wéi d'Ukrain. Awer Fridden däerf net ëm all Präis geschéien: e muss gerecht sinn, an **d'territorial Integritéit, d'Souveränitéit an d'Onofhängegkeet vun der Ukrain garantéieren.**
- Dat huet den Donald Trump och verstanen, a mécht op seng Manéier Drock op de Putin – rezent och matt **neien US Sanktiounen**.
- Ënnert de momentane Konditioune bleift onsen eenzege Wee, fir kloer an entschloss op déi russesch Aggressioun ze reagéieren, **d'Ukrain op alle Fronten matt all onse Mëttelen ze ënnerstëtzen**.
- Mir däerfen net vergiessen: D'Ukrain verteidegt sech am Aklang mam Artikel 51 vun der Charte vun den Vereenten Natiounen. **Russland ass den Aggresseur** an huet et **zu all Moment an der Hand**, dëse Krich ze **stoppen**.

**[LU Ënnerstëtzung un d'Ukrain]**

- Als EU, als NATO an bilateral ënnerstëtze mir also weiderhin d'Ukrain, **well d'Sécherheet vun der Ukrain onzertrennlech vun der Sécherheet an Europa ass.**
- **Politesche Niveau**:
  - Dëst Joer 3 mol an der Ukrain (Kyiv, Lviv, Odesa).
  - LU ënnerstëtzt d'Ukrain op hirem Wee Richtung EU-Memberschaft.
- **Humanitären Niveau:**
  - Weiderhin finanziell Ënnerstëtzung un d'Ukrain, besonnesch am Beräich vum Deminage (cf. och Konferenz zu Lëtzebuerg) a vun der Energie.
  - Schafe vu Bedéngungen fir d'Rekonstruktioun soubal de Krich eriwwer ass.
- **Multilateralen Niveau:**
  - **Gerechtegkeet a Rechenschaftspflicht si keng Optioun, mee eng Noutwennegkeet**.
  - Dowéinst hunn mir dëst Joer besonnesch all Effort ënnerstëtzt, deen an déi Richtung gaangen ass : Tribunal spécial, Registre des dommages, Claims Commission

- Am Kader vun onser Presidence vum Ministerrot beim Europarot: Offiziell Ufro vun der Ukrain, am Mee um Kierchbierg, fir **d'Kreatioun vun engem Spezielle Tribunal fir d'Verbriechen vun der Aggressioun.**

**[Koordinatioun matt der Defense/matt der Ministesch Yuriko Backes]**

- National Unitéit an onser Ukrain Politik, souwuel politesch wéi och militäresch, déi dank der exzellenter Zesummenaarbecht mam Yuriko Backes an sengen Ekippen, méiglech ass.
- Gemeinsam Rees an d'Ukrain (Abrëll 2025): Niewent politeschem Soutien hunn mir och konkret Ënnerstëtzung annoncéiert.
  - 10 Millioune Euro fir den Energie Secteur, 10 Millioune Euro un zousätzlecher militärescher Hëllef an 1 Millioun Euro un d'Olena Zelenska Fondatioun
- **Militäresch Hëllef:** LU wäert weiderhin als Alliéierten säin Deel zu kollektiver Defense a Sécherheet bäidroen.
  - NATO Sommet 2025: Kollektiv Defense heescht **kollektivt Handelen**, vun 2% op **5%** (3,5 plus 1,5) RNB bis 2035, **stäerken vun der europäesch Sail** vun der NATO.
  - LU Participatioun un *Prioritized Ukraine Requirements Lis*t (**PURL**): Wichteg fir d'Ukrainer a wichteg fir Europa, also wichteg fir ons; 15 Milliounen, wéi annoncéiert virun e puer Deeg bei der NATO vum Yuriko Backes
  - Participatioun an der **Coalition of the Willing, dee Moment wou de Krich eriwwer ass**. Lëtzebuerger Contributioun : Espace, Training
  - LU Participatioun un NATO- an EU-Missiounen: **Partnerschaften matt** onse Frënn an Alliéiert (souwuel an der Aussepolitik wéi och an der Defense Politik) sinn ons stäerkste **Verdeedegungslinnen**. Beweis, dass Lëtzebuerg konkret handelt. Polizisten a Georgien an Armenien. Zaldoten op der Ostflank an am Kosovo.

**[Ëstlech Partnerschaft: Moldawien, Aserbaidjan-Armenien, Georgien]**

- Dierfen net vergiessen dat **Russland och aner Länner a sengem Ëmfeld destabiliséiert. Wann d'EU e globalen an aflossräichen Acteur wëll bleiwen, da fänkt dat an onser Regioun un :** d'EU muss sech un éischter Stell fir d'Länner an hiren Nopeschregiounen asetzen.
  - <u>Moldawien Walen</u>: Trotz massiven hybriden Attacken an Destabilisatiounsversich vu Russland huet Moldawien extraordinär Resilienz gewisen. Net fir d'lescht duerch zolitt Ënnerstëtzung vun der EU a senge Memberstaaten. Mir kënnen all vu Moldawien léieren.
  - <u>Visitt Benelux</u>: Mir waren do, net fir Lektiounen ze ginn, mee fir hinnen ze weisen, dass mir si op hirem Wee Richtung Europa ënnerstëtzen.
- **Och Aserbaidjan an Armenien dierfen net vergiess ginn. D'Situatioun am Südkaukasus beonrouegt ons weiderhin.**
  - Mäerz: béid Säiten hu sech op den Text vun engem Friddensofkomme gëeenegt an et besteet d'Hoffnung, dass dësen Accord nach virun de Walen an Armenien am Juni

2026 ënnerschriwwe gëtt. Den Donald Trump huet Drock gemaach, fir dee Konflikt ze léisen. Dat ass ee vun den Erfolleger vu senger méi onkonventioneller Politik.

- Walen am Juni : cf. Moldawien - Risiko vu staarke russeschen Destabilisatiounsversich och an Armenien. Armenien verdéngt ons vollsten Ënnerstëtzung.
- D'Demokratie an Armenien ass fragil an d'EU sollt d'Land op sengem Wee fir sech vun de Aflëss vun hire staarken Noperen ze befreien, bäistoen.
- D'Ënnerschrëft vun engem Friddensofkommes wier e ganz wichtegen éischte Schrëtt an dës Richtung. Voll EU an LU Ënnerstëtzung

- **Georgien**
  - Georgien geet leider komplett an déi falsch Richtung.
  - Rezent Lokalwalen hu bewisen, dass d'Land sech ëmmer méi weit vun der EU ewech entwéckelt.
  - E puer Beispiller : Et hat ugefaangen d'lescht Joer mam Gesetz iwwer "auslännesch Agenten", matt deem d'Zivilgesellschaft ënner Drock gesat gëtt. Elo : Repressioune vun de Manifestanten no de Walen, Beschëllegunge géigeniwwer der EU, d'Wale beaflosst ze hunn an d'Inhaftéieren vu bekannten Oppositionellen.
  - Als EU, mee och als Lëtzebuerg, sti mir ganz hannert der Zivilgesellschaft, déi sech fir eng demokratesch an europäesch Zukunft vun hirem Land asetzt.
  - Et ass wichteg, den Dialog oprecht ze erhalen. Ech échangéiere reegelméisseg matt der georgescher Ausseministesch, och fir kloer Message weider ze ginn.

**[Presidence Conseil de l'Europe]**

- **Bilan Presidence : Prioritéite waren** Rechtstaatlechkeet an Demokratie, Zesummeliewen a pluralistesche Gesellschaften, Kultur a Patrimoine, an Ënnerstëtzung un d'Ukrain.
- D'Konventioun iwwert d'Protektioun vum Affekote-Beruff ass wärend onser Presidence adoptéiert a vun enger Rei vu Staaten hei zu Lëtzebuerg den 13. Mee ënnerschriwwe ginn.
- D'Ukrain huet offiziell d'Kreatioun vun engem Speziellen Tribunal fir d'Verbrieche vun der Aggressioun ugefrot. Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Kreatioun vun deem Tribunal am Kontext vum Europarot, a wäert sech als Grënnungsmember dru bedeelegen.

### 2.2. *NOEN OSTEN – KONFLIKT A GAZA, KONFLIKTER AN DER REGIOUN*

- Ee Sujet deen ons alleguer och dëst Joer vill besuergt a beschäftegt huet, ass de Konflikt am Noen Osten an déi besonnesch dramatesch Situatioun fir d'Mënschen am Gaza.

- Ee Konflikt, den net nëmmen d'Stabilitéit vum ganzen Noen Oste beaflosst, mee och grouss Reperkussiounen op d'Sécherheet an Europa an d'Internationaalt Recht huet. Mir haten x-mol hei

an der Chambersplénière an an der Kommissioun d'Geleeënheet, iwwert den No-Ost-Konflikt ze schwätzen, dofir ginn ech hei net méi an den Détail vun deem wat iwwert e Joer geschitt ass, mä probéieren no vir ze kucken.

- Lëtzebuerg huet de Staat Palestina am September unerkannt, e Geste deen ebe grad geduecht ass, fir no vir ze kucken, iwwert de Krich ewech, op dee Moment wou hoffentlech d'Zwee-Staate-Léisung endlech konkret Realitéit gëtt.

- *[Dës Reconnaissance, ech ginn net midd et ze soen, ass keen Akt géint Israel, am Géigendeel, et ass Akt deen de Soutien vu Lëtzebuerg fir d'Zwee-Staate-Léisung reaffirméiert. Well nëmme matt engem eegestännege palestinensesche Staat dem säi Rescht um Selbstbestëmmung garantéiert ass, kann d'Sécherheet vum israeelesch Staat garantéiert ginn. Nëmmen matt enger Zwee-Staate-Léisung kenne Palestinenser a Israeelien niefteneen a Fridden a Sécherheet liewen. Et ass och kloer dat d'Hamas keng Roll an engem zukünftege Staat dierf spillen an d'palestinensesch Autoritéitsbehörde muss weiderhin ënnerstëtzt ginn sou dat si graduell Gouvernance kënnen iwwerhuelen. ]*

- Eppes anescht kann ech net oft genuch widderhuelen : Lëtzebuerg wäert awer weiderhin déi wäertvoll an onersetzbar Aarbecht vun der UNRWA finanziell a personaltechnesch ënnerstëtzen, souwuel a Gaza wéi och am Westjordanland, an an den Nopeschlänner.

- Säit kuerzem hu mer ee Waffestëllstand an der Gazasträif, negociéiert matt der Hëllef vun den USA, Qatar, Ägypten an der Tierkei. Elo heescht et dofir ze suergen datt de Waffestëllstand hält, de Rescht vun de verstuerwenen Geiselen Israel iwwergi ginn an humanitär Hëllef a Gaza kënnt. Dem Präsident Trump säi Plang léisst fir de Moment nach vill Froen op, ënner anerem d'Roll vun der palestinenseschen Autoritéit. Lëtzebuerg wäert sech dofir staark maachen fir datt d'EU involvéiert bleift an aktiv un der Ëmsetzung vum Friddensplang involvéiert ass.

- Mir dierfen ons elo net vun dem Waffestëllstand blende loossen, a mussen d'Entwécklungen um Terrain genau am Ae behalen, an dat net nëmmen am Gaza mee och am Westjordanland an zu Ostjerusalem.

- Wéi virdru schonn ugeschnidden, net nëmmen a Gaza ass d'Situatioun dramatesch. Och am Westjordanland verschlëmmert sech d'Lag duerch déi ëmmer méi aggressiv a schnell Siidlungspolitik vun Israel, bei där ëmmer méi israeelesch Dierfer a Stied gebaut ginn op deem Territoire, deen den Oslo-Accorden no de Palästinenser zougeschwat gi war. Pläng wéi den E1 Plang vum rechtsextreme Finanzminister Bezalel Smotrich, ass eng enorm Gefor fir déi souwisou scho fragil d'Zwee-Staate-Léisung.

- Ufank Mäerz war ech déi drëtte Kéier säit mengem Amtsuntrëtt op Visitt an Israel an a Palästina, wou ech gesinn hu wéi sech d'Situatioun um Terrain wieder verschlëmmert huet. Joerzéngte vun Okkupatioun a vun Affrontementer tëschent deenen zwou Säiten hunn esou vill Leed, zerstéiert Existenzen an Haass hannerlooss. Déi nächst Generatioun vu verzweifelte jonke Leit ouni Perspektiv sinn eng Zäitbomm, déi d'Spiral vun der Gewalt perpetuéiert.

- Déi éischt Phase vum Plang deen den Donald Trump negociéiert hat, ass hoffentlech geschwënn ëmgesat. Duerno brauche mer déi aner Phasen vum Plang, fir dass den Nees-Opbau vu Gaza kann ufänken. Ech sinn net ganz optimistesch fir de Moment. Mir mussen den Drock op déi zwou Säiten oprecht erhalten. Dofir hunn ech bei der EU derfir plaidéiert, déi proposéiert Mesuren géint Israël mol fir de Moment um Dësch ze halen.

- Op nationalem Niveau wëlle mir och agéieren, a konzentréieren ons op folgend Elementer:
  - En nationalen Import-Verbuet vu Produkter aus de Kolonien.
  - Militäresch Exporter (an Israel) gi fir de Moment, an de facto schon zanter Méint, net autoriséiert.
  - Ech wäert der Regierung proposéieren, am Immigratiounsgesetz, dat am Minister Gloden säi Kompetenz-Beräich fällt, eng Base juridique ze schafen, fir en nationaalt Arees-Verbuet géint Persounen wéi d'Ministere Smotrich a Ben Gvir kënnen ze deklaréieren.

- En anere Sujet am Noen Osten deen ons dat lëscht Joer vill als EU beschäftegt huet, ass den Iran. Mam 12 Deeg Krich huet et ee Moment sou ausgesinn, wéi wann de Konflikt sech iwwert de ganzen Noen Osten ausbreet. Mir wëllen all net datt den Iran d'Atombomm kritt, mee d'Ugräife vun Atomzentrale kann an dierf hei net de Léisungswee sinn.

- Dofir setzt sech Lëtzebuerg am Kader vun onsem Mandat an der AIEA weiderhin dofir an, dat den Iran sech rëm un de Verhandlungsdësch setzt an AIEA vollen Zougrëff op den Atomprogramm vum Iran kritt fir hier néideg Kontrollen duerchzeféieren. Well mer als Europäer bis ewell ganz wéineg Wëlle vun dem iranesche Regime gesinn hu ware mer gezwongen d'Sanktiounen duerch den „Snapback Mechanism" rëm anzeféieren an sou den Drock op den Iran ze erhéigen.

### 2.3. ANER KONFLIKTER UECHTER D'WELT

*Och wann d'Situatiounen an der Ukraine an a Palästina aktuell vill Opmierksamkeet kréien, wat verständlech ass, däerfe mir net vergiessen, dass och aner Regiounen ons Opmierksamkeet brauchen, well se a Konflikter sinn, mä och well sech Dynamiken entwéckelen, déi fir d'Stabilitéit an d'Zesummenaarbecht matt der EU wichteg sinn.*

**[Sudan]**

- Ech widderhuelen hei, wat ech schonn am leschte CAE gesot hunn: d'Situatioun am Sudan ass katastrofal. Iwwer 13 Millioune Mënschen sinn op der Flucht, an 25 Millioune leiden un enger akuter Ernärungskris, eng humanitär Noutlag ouni Verglach.

- Oft hunn mir leider net genuch Zäit fir iwwer dës Regioun ze schwätzen, wat schon un sech de Problem duerstellt. D'EU muss engagéiert bleiwen an déi aktuell Vermittlungsbeméiunge weider ënnerstëtzen, fir en inklusiven Dialog tëscht de Konfliktparteien ze férderen.

- Op menger Rees an de Kenya ass mir dat ganz konkret virun d'Ae gefouert ginn. Den Ausseminister huet betount, datt hien hofft, Europa géif sech geschwënn fir dës „vergiesse Kris" interesséieren. An

deem Senn hunn ech mech am CAE dofir ausgeschwat, fir d'Situatioun am Sudan als eegestännege Punkt op den Agenda vun engem nächste CAE ze setzen.

- Well de Sudan sou wéineg Opmierksamkeet kritt, och bei der UNO, hate mir am September zu New York eng Diskussioun organiséiert, wou mir Memberen vun der Société civile aus dem Sudan Geleeënheet ginn hunn, hir Visioun fir eng friddlech Zukunft ze deelen.

**[Région des Grands Lacs]**

- Trotz diplomatesche Fortschrëtter bleift d'Situatioun um Terrain extrem fragil.

- Den Ofschloss vum Friddensaccord tëscht der Demokratescher Republik Kongo an dem Rwanda vum 27. Juni zu Washington, matt den USA als Mediator, ass e Schratt an di richteg Richtung.
- Gläichzäiteg ass déi humanitär an sekuritär Kris am Osten vun der DR Kongo ganz alarmant, matt massiven Verstéiss géint de Waffestëllstand.

- Matt der EU ënnerstëtze mir di aktuell Vermettlungsprozesser, inklusiv déi vun Doha an der Afrikanescher Union, déi musse konkret ëmgesat ginn, fir eng nohalteg Friddensléisung ze fërderen.

- Mir ruffen op, fir de politesche Drock ze erhéigen, fir en effektive Waffestëllstand, humanitär Zougangsweeër, Schutz vun der Zivilbevëlkerung an de Respekt vun der territorialer Integritéit ze garantéieren

- Afrika hëllefen, sech ze hëllefen.

**[SAHEL]**

- Ech wäert Ufanks vum nächsten Joer hei bei iech méi am Détail op d'Evolutiounen vun onsem bilateralen Réseau vun Partnerschaften an der Kooperatioun agoen.

- Matt di gréissten Verännerung kennt duerch onsen **bilateralen Désengagement aus dem Sahel**, enger Regioun an där mir di lescht Jorzéngten matt ons gréisst Kooperatiounsprogrammer haten. Déi sinn am Niger schon ofgeschloss, am Mali an am Burkina Faso wäert dest respektiv Enn des Jores an Mëtt nächsten Jores den Fall sin.

- Well **d'Militärregierungen an desen dräi Länner extrem sensibel op irgendwelleg Kritik reagéieren, a mir awer deelweis nach Mattarbechter sur place hunn, ginn ech elo hei net am Detail** op ons Grënn fir dësen Désengagement an. Si si prinzipieller, politescher, awer och praktescher Natur.

- Mir hun an dësen dräi Länner matt vill Gedold an Ausdauer, ënner ëmmer méi schwieregen, an jo och ëmmer méi geféierlechen Ëmstänn, ons Engagementer agehalen. Mir schléissen do esou gudd et geet eng Phase vun onsen bilateralen Beziehungen of, an ënnerstëtze weider den Engagement via d'EU an dëser Regioun déi fir Europa och an Zukunft wichteg wäert bleiwen.

- Ech soe gären op dëser Plaz de Mattarbechterinnen a Mattarbechter e grousse Merci fir hiren Asatz op dëse schwierege Posten.

### 2.4. *FOKUS VUN DER US AUSSEPOLITIK OP D'"WESTERN HEMISPHERE". WICHTEG FIR D'EU, ENGAGÉIERT ZE BLEIWEN AN DÄR REGIOUN.*

- Un éischter Stell muss d'EU hir natierlech Partnerschaft matt Kanada héichhalen. Den 11. Juni hunn ech ons **nei Ambassade zu Ottawa inauguréiert**. Dës Geleeënheet hunn ech och genotzt fir matt mengen kanadeschen Homologen iwwert ons positiv Relatiounen an gemeinsam Erausfuerderungen ze schwätzen.

- Dëst Joer ass och den **80ten Joresdag vun onsen Relatiounen matt Kanada**. Ech wëll an dësem Kontext, dorun erënneren, dass d'lëtzebuergesch Regierung wärend dem Zweeten Weltkrich am Ufank zu Montréal an d'Exil gaangen ass. Dat illustréiert onst historescht Vertrauensverhältnis.

- Eis Relatioune matt Kanada sinn iwwert déi lescht Jore vill gewuess an och d'Relatiounen tëschent Kanada an der EU ginn ëmmer méi ausgeprägt. Am Juni huet en EU-Kanada Sommet stattfonnt, op deem besonnesch d'Handels- an d'Sécherheets-Bezéiungen verstäerkt ginn sinn. Mir begréissen dës **verstäerkten Zouwendung vun Kanada Richtung Europa**, an freeën ons, fir dës Partnerschaft weider auszebauen.

#### *LATÄINAMERIKA*

- Latäinamerika ass och e ganz wichtegen Partner fir Europa. Wéi d'lescht Joer och, hunn ech, wou ech op der UNO-Vollversammlung war, erëm un der **Reunioun vun den EU Ausseministeren an den Ausseministeren vun der Communautéit vun latäinamerikaneschen an karibeschen Staaten** deelgeholl. Dëst ass ëmmer eng gutt Occasioun fir sech matt dëser Regioun zu der aktueller globaler Situatioun auszetauschen.

- Ech wäert och am November an menger Funktioun als Vize-PM op den **EU Sommet matt der CELAC** reesen. Éischt Rees an d'Regioun. Ech sinn gespaant, wat fir Méiglechkeeten sech do wäerten bidden, fir ons Relatiounen matt deem wichtegen Deel vun der Welt weider auszebauen.

- Salvador, Guatemala, Costa Rica nom Sommet. Vertriedung vun der HRVP Kaja Kallas am Salvador – EU Effort fir Outreach mam Rescht vun der Welt. Guatemala : nei Partnerschaft (Cooperatioun).

- **Costa Rica** : nei **Ambassade aweien.** Op dës Punkten wäert ech wärend menger nächster Ried als Kooperatiounsministère méi am Detail agoen.

- **US Politik a Latäin- an Zentralamerika** : haart Duerchgräifen géint Drogekriminalitéit a Mënschenhandel, op Käschte vum internationale Recht – ass alles erlaabt?

### 2.5. *NOUTWENDEGKEET VU GUDDE RELATIOUNE MAM RESCHT VUN DER WELT*

An engem onséchere Kontext probéiert d'EU, hir Relatioune mam Rescht vun der Welt ze stäerken, an och fir Lëtzebuerg ass et ganz wichteg, méiglechst breet Bezéiungen ze pfleegen.

Als Ausseminister : permanent ënnerwee fir déi Bezéiungen opzebauen an ze ënnerhalen, an all deene verschiddene Portefeuillen, déi dem Ausseminister ënnerstinn.

(Méi dozou och am Kapitel iwwer Handelspolitik.)

**G20**

- Am Kader vum G20 huet Südafrika eng bedeitend Roll iwwerholl: Als éischt afrikanescht Land matt der G20-Présidence, ënnert dem Motto „Solidaritéit, Gläichheet a Nohaltegkeet", huet et eng Plattform geschaf, fir d'Prioritéite vum afrikanesche Kontinent an d'Entwécklung an de Mëttelpunkt ze stellen. Ech war zu New York am September op der Ministérielle vum G20 déi Südafrika organiséiert hat. De Sommet zu Johannesburg den 22.–23. November markéiert den Ofschloss vun dëser Präsidence.
- Et bleift spannend ze gesinn, wéi Südafrika sech och no der Präsidence weider fir Themen wéi Scholdennohaltegkeet, Klima-Finanzéierung an Energietransitioun engagéiert, an ob d'USA als nächsten G20-Virsëtzland dës Dynamik opgräift a weiderféiert.

**Aner Plattformen : 3G/Global Governance Group; Forum of Small States (Singapour) :** mir mussen och bilateral all aner Foren notzen, fir Relatiounen ze schafen déi ons zu gutt kommen, a fir op all Niveau de Multilateralismus ze verteidegen.

**Afrikanesch Unioun :**

- Den EU-AU Sommet fënnt den 24. an 25. November zu Luanda am Angola statt, an onse Premierminister plangt un dësem wichtege Rendez-vous deelzehuelen.
- Scho beim Ministertreffen zu Bréissel am Mee gouf ënnerstrach, wéi wichteg eng staark Partnerschaft tëscht der EU an der Union Africaine ass, an daat besonnesch an engem politesch an ekonomesch dynamesche Kontex.
- Zil vum Sommet ass et, zesummen op Konflikter ze réageieren, d'Mënscherechter ze schützen an de Wuelstand an d'Sécherheet vun de Bierger op béide Kontinenter ze stäerken, an dat am Geescht vum Multilateralismus, fir gemeinsam Léisungen ze fannen an eng méi gerecht Weltuerdnung ze ënnerstëtzen.

*Generell huet een heiansdo d'Impressioun, dass d'EU zwar no neie Partner sicht, mä d'Aart a Weis, wéi mir matt anere Länner ëmginn, kann ausgesinn, wéi wann et éischter ons Feinde wieren...*

**Indien**

- Am Mäerz war ech am Kader vum Raisina Dialogue an Indien, wou ech, nieft dem Austausch matt dem indesche Premier- an Ausseminister, och d'Geleeënheet hat fir Acteuren aus der Zivilgesellschaft an der Ekonomie ze treffen.

- Aktuell geopolitesch a geoekonomesch Erausfuerderungen waren en Thema um Raisina Dialog. Et ass ëmmer mei wichteg, dass mir als europäesch Vertrieder den Dialog matt internationalen Acteuren sichen.

- Säit ronn zwanzeg Joer hu mir eng Ambassade zu Delhi, déi vill bäidréit zu eise bilaterale Relatiounen.
- An de kommende Méint wäert ech och nees an Indien goen vir onse Dialoger weiderzeféieren. Den neie Grand-Duc plangt op Invitatioun vun der indescher Präsidentin eng Staatsvisite an Indien, wa méiglech am éischte Joer vu sengem Règne.

Erlaabt mer lo, en Tour duerch Asien ze dréinen, fir opzezeechnen, wou mer wichteg Relatiounen hunn, a wou mer Potential fir Entwécklung gesinn.

**ASEAN**

- Am Oktober d'lescht Joer hunn ech um ASEAN Sommet zu Vientiane Deel geholl, wou ech den Traité vu Fréndschaft a Kooperatioun (Treaty of Amity and Cooperation) ënnerschriwwen hunn. Dëst ënnersträicht de Wëlle vun der Regierung, ons Bezéiungen an Zesummenaarbecht matt de Länner déi aktuell Membere vun ASEAN sinn ze verdéiwen. D'ASEAN Regioun ass immens divers, souwuel politesch wéi ekonomesch, Singapour ass ee vun onse wichtegsten Handelspartner an der Regioun. Matt der ASEAN hirer humanitärer Organisatioun AHA lancéiere mir ons elo an eng Kooperatioun fir Kapazitéitsobpau am IT Beräich.
- Mir encouragéiere regional Cooperatioun a Süd-Ost-Asien, mä mussen awer rezent feststellen, dass nei Konflikter opkommen : tëschent Thailand an dem Cambodge ware militäresch Tensiounen eskaléiert, um Hannergrond vu laangjäregen territoriale Streidereien. Doropshin ass d'Regierung an Thailand gefall. Duerch intensiven Dialog mateneen hunn déi zwee Länner et fäerdeg bruecht, sech relativ séier op eng Wafferou ze eenegen. Dir wësst, dass mir den Dialog, zumools a Konfliktsituatiounen immens wichteg ass. Dofir begréissen ech et, dass béid Länner dëse Wee an der Léisung vun der Eskalatioun bevirdeelegt hunn. Net méi spéit wéi gëschter gouf eng Friddensdeklaratioun zu Kuala Lumpur adoptéiert, no Mediatioun vun der malaysescher ASEAN Presidence, a matt US Ënnerstëtzung – e gutt Beispill fir eng konstruktiv regional Approche!

**Singapur**

- Ee vun onse laangjäregste Partner an Asien ass a bleift Singapur. Et ass, bei wäitem, onse gréisste kommerzielle Partner an der Regioun.
- Am Zesummenhang mam 50-järege Joresdag vun onsen diplomatesche Bezéiungen, hate mir am Mäerz d'Éier hire Präsident zesumme matt enger ministerieller Delegatioun zu Lëtzebuerg ze begréisse fir eng Staatsvisitte. Themen : Handel, Ekonomie, Finanzen, Zivilschutz a Kultur.
- Direkt Suivien: Mëtt November eng Delegatioun vun engen 30 Vertrieder vum Finanzsecteur op Singapur geet fir beim Singapur FinTech Festival 2025 Deel ze huelen, an déi Woch drop wäert den Innenminister, Léon Gloden, matt enger Delegatioun vum CGDIS, déi bei der SIDEX Expo 2025 iwwert Zivilschutz ee vun den Haaptparticipanten wäert sinn. Dëst weist wéi dynamesch ons Relatioune matt Singapur sinn.
- Dofir, net méi spéit ewéi d'nächst Woch, verstäerke mir dann och ons **Präsenz zu Singapur matt der gradueller Eréffnung vun enger Ambassade**.

**Philippinnen**

- D'Zesummenaarbecht matt de Philippinnen op diversen Dossieren wäerte mir op verschiddenen Niveau weiderbréngen. Ufank nächst Joer hunn ech och wëlles dohinner ze reesen vir ons Diskussiounen ze verdéiwen an Diren opzemaache fir Lëtzebuerger Betriber.

- Manila ass e laangjärege Frënd vu Lëtzebuerg an Asien. Mir ënnerhalen 2026 matt de Philippinnen <u>80 Joer diplomatesch Relatiounen</u>, dat ass derwäert ze feieren!

**Malaisien**

- Rees am September.

  Wat hei aus onsem Austausch mam malaysesche Premier- an Handelsminister Anwar a mam Ausseminister Hassan ganz kloer ervirgaangen ass, ass dass mir ons gutt bilateral Bezéiungen och a multilateralen an internationale Foren zur Geltung brénge mussen. Malaisien huet dëst Joer <u>d'Presidence vun der ASEAN</u>, an de PM Anwar huet sech oppe gewisen, fir d'Relatioune matt der EU ze verdéiwen. Ech hu Malaysien, déi eng staark Politik op Palästina hunn, <u>encouragéiert, soubal d'Situatioun et erlaabt, sech an eng nei Relatioun matt Israel</u> ze engagéieren.

**Vietnam**

- Wann mir vun der Diversifikatioun a vun neie Partner schwätzen, da gehéiert de Vietnam sécherlech och dozou. Woubäi Vietnam e laangjährege Partner ass, mä matt deem mer an neie Beräicher schaffen. Hire Vize-Premier  Minister huet ons am Mäerz hei zu Lëtzebuerg besicht. <u>Vietnam huet wëlles, eng international Finanzplaz opzebauen, an ass um Lëtzebuergeschen Know-How interesséiert</u>.

  En immediat Resultat vun onse rezente Gespréicher ass och, dass d'Lëtzebuerger Touristen a Geschäftsreesender fir eng Rees vu <u>bis zu 45 Deeg elo kee Visa méi brauche</u> vir an de Vietnam anzereesen.

**Indonesien**

- Indonesien, als dat gréisste Land a Südost-Asien, spillt eng Schlësselroll an där Regioun. Kierzlech hunn si och matt der <u>EU d'Negociatiounen ëm e Fräihandelsofkommes ofgeschloss</u>, wat hir bedeitend Roll, och fir den EU Marché, ënnersträicht. An de kommende Méint a Joren, wäerte mir versichen, den Dialog matt hinnen ze verstäerken, a versichen, de kulturellen an ekonomeschen Austausch matt Jakarta ze verdéiwen.

**Thailand**

- Eng vun onse wichtegsten, regionalen Ambassaden hu mir zu Bangkok, wann een d'Zuel u Länner kuckt, déi si couvréieren. Eng Ëmstrukturéierung kënnt mëttelfristeg, wa mir zu Singapour bis en Ambassadeur résident hunn.

- Souwuel um politeschen, wéi um ekonomeschen Niveau, si mir amgaangen ons staark a laangjäreg Bezéiunge matt Thailand ze verdéiwen. Deemno wëlle mir zum Beispill an der <u>nohalteger Entwécklung, der Digitalisatioun, de Finanzen an der Logistik</u> nach méi enk zesummeschaffen.

**Japan**

- Matt Japan war 2025 e besonnesch intensivt Joer. Ech kommen herno nach eng Kéier zréck op d'Expo zu Osaka, wou ech dräimol war, a wou onse Pavillon, "Dokidoki", e volle Succès war – a vill vun de Regierungskolleegen, an och de Grand-Duc Henri, an den Ierfgroossherzog Guillaume deemools, waren do.

- 2027 feiere mir 100 Joer Relatioune matt Japan, an do schaffe mir drop hin. Et ass essentiell dass mir matt onsem eelsten a beschte Frënd an Asien weiderhin eng enk Relatioun ënnerhalen, a probéieren ons Echangen ze verdéiwen an alle Beräicher. Sief et zum Beispill am Espace, an der Santé oder an anere Secteure vun der Recherche. De Rover vun ISpace, dee jo zu Lëtzebuerg gebaut ginn ass, ass e perfekt Beispill vun der exzellenter Kooperatioun am Fuerschungsberäich.

**Südkorea**

- Matt Südkorea verbënnt ons zanter dem Koreakrich eng enk Frëndschaft. Nodeems mir a Südkorea 2024 eng Ambassade opgemaach hunn, huet Seoul elo och eng resident Ambassade zu Lëtzebuerg dëst Joer ageweit, wat ech häerzlech begréissen. Dëst facilitéiert den Echange têschent onsen zwee Länner duerch e méi direkte Kontakt.
- Am Beräich vun den Zukunftstechnologië besteet e grousse Potential fir ons Zesummenaarbecht weider auszebauen. Südkorea ass ganz tech-affine wat IT, Mobilitéit a Connectivitéit ugeet. Ons Zesummenaarbecht am Rechercheberäich ass um gudden Wee, besonnesch well Südkorea jo lo ee Membre associé vun Horizon Europe ass.

**China**

- Am November 2024, kuerz no menger leschter Ried hei an der chamber, wor ech op enger Mission économique a China zesumme mam Wirtschaftsminister Delles. D'Visite huet ons op Beijing, Shanghai an Hong Kong bruecht. De Schwéierpunkt vun dëser Missioun loung op grénge Technologien an um Automobilsecteur. China ass an deene Beräicher e Pionéier, matt deem mir vill Potential fir Kooperatioun hunn.

- Mir musse matt China weider an Diskussioun bleiwen, och wa mir net ëmmer déi selwecht Meenung hunn. Mir appelléieren weider u Beijing, säin Afloss op Russland spillen ze lossen, fir datt Russland endlech de Krich an der Ukraine stoppt.

- A punkto Klimawandel spillt China ëmmer nach eng wichteg Roll, a bleiwt e Schlësselpartner fir d'Ëmsetzung vum Accord vu Paräis. Als zweet Ekonomie weltwäit ass China zwar de gréissten Emetteur vun Zäregasen, mee och bei wäitem de gréisste Produzent vun Technologien fir erneierbar Energien, Elektromobilitéit, Energiespäicherung, etc. déi entre-temps an d'ganz Welt geliwwert gin. Wa mir d'Energietransitioun weltwäit seriöe huelen, da geet dat nëmme matt China.

- Ech si kloër géint eng Megafon-Diplomatie, déi ass oft souguer kontraproduktiv. Dat hällt mech awer net dervun of, och méi schwiereg Messagen opzewerfen an eng kloer Sprooch ze schwätzen. Ech bréngen sou Sujete matt mengen Interlocuteure perséinlech an direkt op.

- China spillt eng Schlësselrolle am BRICS an a villen anneren Organisatiounen, als permanente Member vum Welt-Sécherheetsrot (P5) an als zweet gréisste Vollekswirtschaft op der Welt. D'Welt verännert sech rapid a mir mussen d'Realitéit unerkennen dass China an enger multipolarer Welt en extrem wichtegen Acteur ass an nach weider un Afloss wäert gewannen. Et ass dowéint ëmsou méi wichteg fir en oppenen Dialog matt hinnen oprecht ze erhalen, a gläichzäiteg net blann ze sinn fir déi chinesesch Ambitiounen op geopoliteschem Plang, a fir déi enk Relatioun, déi Russland matt China verbënnt.

- Fir den 80. Anniversaire vum Enn vum Zweete Weltkrich an Asien waren zu Beijing grouss Festivitéiten. Di Biller vum Vladimir Putin, Kim Jong Un a Xi Jinping den 3.de September zesumme sinn e kloert Signal un d'USA, an et ass kloer dass mir déi Biller och net gutt fannen. Mee mir dierfen ons net an en Narrativ "the West against the rest" ranzéie lossen, dëst ass en Narrativ deen de Putin probéiert géint ons ze benotzen. Och dofir ass et wichteg, China als en eegestännege Partner unzegesinn, souwuel bilateral wéi an der Relatioun matt der EU.

**Mongolei, Bhutan:**

- Ët gëtt aner Länner, déi éischter seelen an der internationaler Aktualitéit viirkommen, an déi dach eng remarkabel Entwécklung matt gemaach hun. Et ass vläicht grad gutt, dass si net an der Aktualitéit stinn. Dozou gehéiert de Bhutan, ee vun onsen neitsten Partner, an dëse Beräicher: Tourismus, Edukatioun, an nohalteg Entwécklung. Den EHTL vun Dikrech huet e flotte Projet mam Royal Institute for Tourism and Hospitality am Bhutan lancéiert.
- En anere gudde Partner an där Regioun ass d'Mongolei, matt där mir d'nächst Joër de 50. Anniversaire vun onsen diplomatësche Relatioune feieren an op eng 25 Joër al erfollegräich Coopération au développement zréck kucken, besonnesch am Beräich vun der Tele-Medezin. D'Mongolei ass encercléiert an ofhängeg vun zwee Riesen-Noperen - China a Russland - fir baal alles waat se importéiert an exportéiert. Trotzdeem huet d'Mongolei ët mëttlerweil méi wéi 30 Joër laang fäerdeg bruecht eng ganz lieweg Demokratie ze entwéckelen an ze erhaalen.

**Australien a Neiséiland**

- Zwee vun de Länner, matt deene mir säit Joren gutt Bezéiungen ënnerhalen an dës och duerch offiziell Ofkommes verdéiwen wëllen. Fir déi zwee Länner gëtt et vill Potenzial fir ons Entreprisen, besonnesch am Beräich Space/Satelliten, an am Finanzberäich. Matt deenen 2 Länner hu mir e "Work Holiday Programm", dee ganz attraktiv ass fir ons jonk Leit tëschent 18 an 30 Joer, déi e Joer kënne reesen a schaffen.

### *2.6. MULTILATERALISMUS ËNNER DROCK*

- D'UNO steet momentan souwuel finanziell wéi och politesch ënnert groussem Drock. Dat ass och e Resultat vun der "*America First*" Politik.

- D'nächst Joer wäert onsen neie Grand-Duc bei der Vollversammlung d'Ried fir Lëtzebuerg halen.

- Als Äntwert op dës Kris huet den Secrétaire Général Guterres matt UN80 ee Reformprozess lancéiert, deen der UNO hëllefe soll sech fir déi nächst Jore besser opzestellen an ze stabiliséieren.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt dëse Prozess, an setzt sech dofir an datt d'Grondwäerter op deenen d'UNO baséiert an déi an der UN-Charta festgehal sinn (Mënscherechter, Fridden, Gerechtegkeet, Solidaritéit etc), net ofgeschwächt ginn, virun allem wat den Pilier Mënscherechter ugeet. D'Errongenschaften däerfen net a Fro gestallt ginn an mir mussen ons géint de *Backlash* staark maachen deen dës Valeuren ugräift! Dës Positioun hu mir openneits wärend der Visite vum Haut Commissaire Volker Türk fir Mënscherechter ze Lëtzebuerg am Juli 2025 ënnerstrach.

- Sécherheetsrot vun der UNO : Veto. Reform?

- De Multilateralismus mee och allgemeng de Respekt vun den internationalen Norme ass ënner Drock. Kee Staat soll iwwert dem internationale Recht stoen. Et ass wichteg dass mir ons fir de Respekt vu Mënscherechter, mee och vum internationalen humanitären Recht asetzen. Och a Kricher ginn et Regelen; Lëtzebuerg ënnerstëtzt an deem Kader d'Initiativ vun Australien fir de Schutz vum humanitäre Personnal ze rappeléiren. De Respekt vun de Mënscherechter ass och Investitioun fir eng méi friddlech Zukunft; et gëtt kee méi fruchtbare Buedem fir Konflikter wéi do wou d'fundamental Valeuren an d'Mënscherechter net méi respektéiert ginn.

- Matt enger Delegatioun vun 3 Ministeren sinn mir och dës Joer erëm op NY gereest, wat kloer den Engagement vun Lëtzebuerg fir de Multilateralismus gewisen huet. Ech hat Geleeënheet eng Dosen bilateral Entrevuen ze halen matt Kolleegen aus Asien, Afrika, Amerika an Europa, mä och matt Representants vun der UNO an *Think Tanks*, dës Echangen erlaben et engem an ganz kuerzer Zäit e breeden Tour d'Horizon ze maache vu ville wichtege Sujeten.

- D'Assemblée générale vun der UNO ass och eng Bün wou mir eng ëmmer méi staark a coordonéiert europäesch Positioun wëlle weisen. Sou hu mir op EU-Niveau eng éischte Kéier Ausseminister vu Brasilien, Indien, a Mexiko ob onser traditioneller Reunioun vun den europäeschen Ausseminister op Besuch gehat. An enger ëmmer méi multipolarer Welt, musse mir méi aktiv ginn an matt sougenannten "net traditionellen" Partner méi zesumme schaffen, ech hunn et jo scho virun e puer Minutte gesot.

- New York ass awer och eng Plaz wou Themen déi de Moment ënnert groussem Drock stinn, eng Plattform hunn, notamment Rechter vun LGBTQI Persounen. Esou war et mir wichteg och dës Joer erëm um side event vum LGBTI Core Group ze participéieren.

- Lëtzebuerg schafft och weiderhin am Benelux-Format fir sech op verschiddenen Dossieren staark ze maachen, matt gemeinsamen Deklaratiounen an elo och mam Chapeautage vun der Resolutioun iwwert Mënscherechter a Russland, déi virun engem Mount vum Mënscherechtsrot zu Genève adoptéiert gouf. Mir hunn ons och staark fir Fraerechter an Afghanistan agesat an eng Resolutioun ënnerstëtzt déi elo e Mechanismus wäert opsetzen, den Mënscherechtsviolatiounen examinéieren wäert an eng Justiz erméiglechen wäert.

[KANDIDATUR UNESCO]

- Wann een de multilaterale System wëll stäerken, muss ee Responsabilitéit iwwerhuelen : No 20 Joer, hu mir nees ons Kandidatur gestallt fir an den Exekutivrot vun der UNESCO gewielt ze ginn -

fir e Mandat vun 2025 – 2029. Lëtzebuerg huet sech follgend thematesch Prioritéiten gesat: (1) Mënscherechter, (2) Gläichstellung, (3) Afrika, (4) Kleng Insel-Entwécklungslänner an (5) Jugend. Mir setzen ons fir dës Prioritéiten an alle Secteuren vun der UNESCO an : Educatioun, Kommunikatioun, Kultur a Wëssenschaften. D'Wale fir den Exekutivrot fannen an enger Woch op der Generalkonferenz vun der UNESCO zu Samarkand statt. Ech wäert un dëser Konferenz deelhuelen, fir onser Kandidatur nach de "leschte" Push ze ginn.

[MANDAT IAEA]

- De multilateralen Engagement vu Lëtzebuerg weist sech och an onser Aarbecht als Member vum **Verwaltungsrot vun der IAEA** bis Enn 2026. Och hei setze mir ons fir eng multilateral Approche an, déi et alle Staaten soll erlaben fir op Aenhéicht iwwert d'Sécherheet, d'Zukunft an d'exklusiv friddlech Notzung vun Nuklearanlagen ze diskutéieren. Mir ënnerstëtzen weiderhin d'Agence bei hirer wichteger **Inspektiounsaarbecht, ënner anerem am Iran, an der Ukrain, an a Syrien**.

- D' Diskussioune ronderëm d'Secherheet an den Atomzentralen sinn ëmsou méi wichteg ginn duerch di rezent Attacken op nuklear Installatiounen am **Iran** souwéi duerch di Russesch **Okkupatioun vun der ukrainescher Zentral Zaporizhia**. Dës illegal Okkupatioun, den Ausschloss vun internationalen Inspekteren, souwéi ee potentiellen Uschloss vun der Zentral un de Russeschen Elektrizitéits-reseau, stellen ee grousse **Risk fir d'nuklear Sécherheet a ganz Europa** duer.

- Den Internationale Comité vum Roude Kräiz zielt am Moment ronn 130 Konflikter rondrëm d'Welt, matt all dem Leed, de Mënscherechtsverletzungen an de Verbriechen, déi Konflikter fir déi lokal Bevëlkerunge matt sech bréngen. Mir mussen als Weltgemeinschaft nei Efforte maachen, fir Kricher an déi Verbriechen déi d'Gewësse vun der Mënschheet schockéieren, duerch kollektiv Efforten an Diplomatie ze stoppen. Fir dozou bäizedroen, huet **d'Presidentin vum ICRC, d'Mirjana Spoljaric, d'läscht Joer eng global Initiativ lancéiert fir politesche Wëlle fir den internationalen humanitären Droit ze mobiliséieren**, zesumme matt Frankräich, Brasilien, China, Jordanien a Kasachstan.

- Lëtzebuerg co-présidéiert matt Ghana, Mexiko an der Schwäiz een **Aarbechtsgrupp iwwer den Impakt vun den neien Technologien op bewaffnet Konflikter:** mir hoffen dass dëse Prozess bis d'Enn vum nächste Joer vill konkret Recommandatioune formuléiere kann, virun allem fir Ziviliste besser ze beschützen.

### *2.7. Sécherheetspolitik, NATO, EU Défense*

- Et ass zanter dem russeschen Iwwerfall op d'Ukrain kloer ginn, dat **d'Fräiheet an de Fridden an Europa net méi selbstverständlech** sinn. Ons Demokratien musse kapabel sinn, sech ze verteidegen. Dowéinst setzt Lëtzebuerg sech weiderhin fir eng staark Defense an, souwuel am Kader vun der NATO wéi och vun der EU. Ech wéilt hei der **Madamm Ministesch Backes** an hiren Ekippen vun der Défense merci soen fir déi gutt Zesummenaarbecht am Asaz fir di Lëtzebuergesch an Europäesch Sécherheet.

- D'Ënnerstëtzung vun der Ukrain ass dobäi och ee wichtege Bäitrag zur Sécherheet an Europa. Donieft wäert Lëtzebuerg och säin Deel bäidroen fir **d'NATO Allianz** ze stäerken.

[RESILIENZ]

- En zentralen Deel vun dëser Strategie dréint sech effektiv ronderëm Resilienz géint all Formen vun béiswëllege Cyber-Incidenten oder Friemer Informatiouns-Manipulatioun an Interferenz (FIMI), ënner déi och Desinformatioun fält.

- Hei zu Lëtzebuerg hu mir ons dëst Joer **op Initiative vum Premierminister eng national Resilienz-Strategie ginn** a mir schaffen och international enk matt onse Partner aus der EU an der NATO zesumme fir ons géint FIMI an aner sougenannt **"hybrid Menacen"** ze wieren – zum Beispill d'Versich vu Russland fir d'Walen an Däitschland, Rumänien oder Moldawien ze beaflossen.

[EXPORTKONTROLLEN]

- Lëtzebuerg setzt sech och weiderhi fir **robust Exportkontrollen** an. Dëst ass kruzial fir datt engersäits ons Entreprisen lizenzpflichteg Gidder, fir déi si oft eng Welt-unerkannten Expertise hunn, kënne weiderhin **exportéieren ouni sech Suerge maachen ze mussen dat dës an di falsch Hänn falen**. Anersäits sinn robust Exportkontrollen och immens wichteg fir dat onsen Lëtzebuerger Ecosystem och an Zukunft **héichspezialiséiert Gidder** zum Beispill am Tech an Cyber Beräich **unzéien kann**.

- Dëst Joer ass Lëtzebuerg dem "Pall-Mall-Prozess" bäigetrueden, dee vu Frankräich a Groussbritannie lancéiert gouf a dee soll **déi irresponsabel Benotzung vu Spyware** bekämpfen.

- Zudeem uechte mer drop, dat Sanktiounen géint zum Beispill Russland net iwwert Lëtzebuerg ëmgaange kënne ginn. Mir weisen domat och onsen internationalen Partner, datt **Lëtzebuerg seng international Obligatiounen eescht hëllt** an net zu onnéideger Eskalatioun vu Konflikter wëll bäidroen.

[EU ZIVILMISSIOUNEN]

- De Bäitrag vu Lëtzebuerg am Beräich vun der Preventioun a Gestioun vu Konflikter beschränkt sech awer net nëmmen op den diplomateschen an juristesche Beräich. Ons Bedeelegung un EU **Zivil-Missiounen** ass e wichtegt Element vun onsem Engagement fir d'europäesch Sécherheetspolitik.

- Aktuell ass Lëtzebuerg an zwou wichtegen EU Zivil Missiounen engagéiert: an **Armenien**, wou d'Missioun dozou bäidréit, d'Situatioun un der Grenz tëscht Armenien an Aserbaidjan ze stabiliséieren; an d'Missioun a **Georgien**, déi zanter dem Konflikt vun 2008 d'Situatioun iwwerwaacht. An noer Zukunft wäert Lëtzebuerg och erëm an der EU-Missioun fir Rechtstaatlechkeet am **Kosovo** vertruede sinn.

- Ech wëll hei besonnesch de Beamten, déi matt vill Engagement am Asaz sinn, e grousse Merci ausdrécken. Mäi Merci geet och un den **Här Innenminister an un d'Police** fir déi exzellent Zesummenaarbecht an Ënnerstëtzung, déi dësen internationale Bäitrag méiglech mécht.

## 3. Politesch Situatioun um europäeschem Niveau

### 3.1. *Politesch Situatioun um europäeschen Niveau*

*Éischten Tëschebilan vun der Kommissioun von der Leyen II:*

- Zweet Mandat als Präsidentin vun der EU Kommissioun vun der Madamm Ursula von der Leyen (1. Dezember 2024)
  → néie Collège vun de Kommissären, an engem néien Europaparlament.
  → neie legislativen Zyklus matt 7 néien Prioritéiten vun der Unioun fir déi nächst 5 Joer

- Matt der aktueller schwiereger geopolitescher Situatioun an der Welt, déi vun Konflikter an onser Noperschaft, enger wuessender weltwäiter Konkurrenz a Bedrohunge fir ons demokratesch Wäerter definéiert gëtt, sinn ambitiéis Prioritéiten bis 2029 ëmsou méi wichteg. Haut, no geschwënn engem Joer säitdeem d'Mandat vun der néier Kommissioun ugefaangen huet, kenne mir also schonn eng éischte Kéier de Punkt maachen vun deem, wat bis elo zesummen erreecht gouf.

- Zur **Kompetitivitéit**: de Bannemaart ass onse fundamentale Konkurrenzvirdeel an ech begréissen an dem Sënn d'Rëtsch vun Initiativen déi d'Kommissioun geholl huet. Den "Kompass fir d'Kompetitivitéit", eng vun den éischten Initiativen vun der Kommissioun dëst Joer, ass e wichtege Streckeplang fir d'EU, fir onse Bannemaart an fir ons Industrien ze stäerken.

- **D'Mesuren zur Vereinfachung** vun der europäescher Gesetzgebung, déi als Zil hunn déi reglementaresch Komplexitéit an administrativ Käschten fir ons Entreprisë ze reduzéieren, sinn en wichtege Bestanddeel vun dësem Streckeplang. D'Verhandlungen hunn Ufanks dëses Joer ugefaangen an wäerten och nach intensiv an deenen nächsten Méint weider goen.

- Am Beräich vun der Verdeedegung huet d'Kommissioun hiren Plang "*ReArm Europe*" lancéiert, deen viséiert bis zu 800 Milliarden Euro ze mobiliséieren fir d'Verdeedegungskapzitéiten vun der EU bis 2030 ze stäerken.

- Am Mäerz vun dësem Joer huet d'Kommissioun dann och hir **"Unioun vun den Kompetenzen"** virgestallt, e Plang fir d'Qualitéit vun der Bildung, der Formatioun an dem Liewenslaange Léieren ze verbesseren. De selwechten Mount hunn d'Kommissioun an sozial Partneren e gemeinsame Pakt ënnerschriwwen fir de sozialen Dialog an Europa ze stäerken.

- Wat d'**Landwirtschaft** an ons Liewensqualitéit ugeet, do huet d'Kommissioun hir Visioun virgestallt, déi d'Zil huet, e méi staarken an innovativen Liewensmëttelsystem op d'Been ze stellen, deen souwuel de Baueren ewéi och de Konsumente zegutt kënnt.

- An enger Zäit, wou Desinformatioun an auslännesch Améschungen sech ëmmer méi séier online verbreeden, steet d'**Demokratie an Europa** viru néien Erausfuerderungen. Fir dëse Geforen entgéintzewierken, proposéiert d'Kommissioun en "europäesche Schutzschëld fir d'Demokratie" [*bouclier européen pour la démocratie*], deen ons demokratesch Wäerter an ons Gesellschaft soll stäerken. Mir waarden hei nach gespaant op der Madamm von der Leyen hir detailléiert Propositiounen.

- Den éischte EU-UK Sommet, deen den 19. Mee dëst Joer stattfonnt hat, huet eng wichteg Etapp am Opbau vun de Relatioune matt dem **Vereenegte Kinnekräich** nom Brexit markéiert, den sech op eng verstäerkten Zesummenaarbecht an op eng nei strategesch Partnerschaft fokusséiert huet. D'Vereenegt Kinnekräich bleift e wichtege Partner fir d'EU a fir Lëtzebuerg, a mir mussen weiderhin e reegelméissegen Austausch matt hinnen op erhalen.

### *3.2. Grenzkontrollen a Schengen*

- Wéi dir wësst, hunn mir dëst Joer e wichtege Gebuertsdag zu Lëtzebuerg geféiert, an zwar den **40. Gebuertsdag vum Schengener Ofkommes**. Dës Feier gouf natierlech zu Schengen ofgehalen, do wou den 14. Juni 1985 déi éischt fënnef Länner – dorënner och Lëtzebuerg – decidéiert hunn, graduell d'Grenzkontrollen tëscht hire nationalen Territoiren ofzeschafen an d'Beweegungsfräiheet vun de Bierger an de Mëttelpunkt ze stellen. Dëse Schrëtt war d'Grondlag fir dat, wat mir haut als Schengen-Raum kennen. Vill national an international Personalitéiten haten sech den 14. Juni zu Schengen versammelt, zesummen matt onse Bierger, fir dësen symboleschen Gebuertsdag ze feieren. Dës Feier war e wichtege Moment fir drun ze erënneren, datt Schengen net nëmmen e Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Gerechtegkeet ass, mee datt et och ee vun deenen konkretste Resultater vun onser europäescher Integratioun ass. De 40. Gebuertsdag war e wichtege Moment, fir nach eng Kéier kloer ze stellen, wéi wichteg et ass, de Prinzip vun der Beweegungsfräiheet ze verdeedegen an dëse fundamentale Gewënn fir ons gemeinsam Zukunft ze erhalen.

- Perséinlech Erfahrung – Schengen.

### *3.3. Kompetitivitéit*

- De **Bannemaart ass eng vun den gréisste Leeschtunge** vun onser Unioun. De Bannemaart erlaabt et, d'Liewen am Alldag vun onse Bierger ze verbesseren, d'Echangen tëscht den Entreprisen ze erliichteren, onse Wuesstum ze stimuléieren an d'europäesch Innovatioun ze encouragéieren. Trotz dëser wirtschaftlecher Stäerkt hunn mir an de leschte Joren gesinn, datt aner féierend Ekonomien, wéi China an d'USA, eng méi séier Wuesstemsdynamik erlieft hunn. D'EU muss

dringend déi laang bestoend Barrièren an strukturell Schwächten ugoen, déi ons zeréckhalen, a weider Efforte maachen, fir e **méi einfachen, méi harmoniséierten an och en méi robuste Bannemaart** ze gestalten.

- De geopolitesche Kontext verstäerkt nach d'Drénglechkeet, eng méi autonom a resilient europäesch Wirtschaft opzebauen. De Krich an der Ukrain huet ons gewisen, datt Europa ze vill ofhängeg vun senge internationalen Liwwerketten ass. An engem internationalem Ëmfeld, dat ëmmer méi onsécher gëtt, mussen mir ons Liwwerketten diversifizéieren an strategesch Partnerschafte matt anere Länner entwéckelen. Dowéinst huet d'Kommissioun Ufank dëst Joer hire **Kompass fir d'Kompetitivitéit** fir déi nächst 5 Joren presentéiert, matt dem Zil, den Dynamismus vun Europa erëm hierzestellen an säin wirtschaftlech Wuesstem ze stimuléieren.

- De Bannemaart erschéngt nach ëmmer op verschiddene Plazen fragmentéiert, opgedeelt an 27 Mini-Mäert. Et ass noutwendeg, déi lescht Hindernisser fir de fräie Verkéier vu Wueren a Servicer, op déi ons Entreprisen stoussen, ze eliminéieren. **D'Strategie vun der Kommissioun fir de Bannemaart**, déi dëst Joer veröffentlecht gouf, huet d'Zil, d'Hindernisser fir den transnationalen fräie Verkéier, besonnesch am Service Secteur ofzebauen, an de Wuesstem vun de klengen a mëttelgrousse Betriber z'ënnerstëtzen.

- D'Stäerkung vun onsem Bannemaart geet och Hand an Hand matt der **duebeler grénger an digitaler Transitioun** déi eng zentral Roll bei der Entwécklung vun den Industrien an den Entreprisen an der EU spillt. Europa huet en ambitiéise Kader festgeluecht, fir bis 2050 eng dekarbonéiert Wirtschaft ze hunn. Den Iwwergang zu enger dekarbonéierter Wirtschaft muss kompetitiv-frëndlech sinn an dozou bäidroen d'Energiekäschten, souwéi d'Präisschwankunge ze reduzéieren.

- An deem Kontext, huet d'Kommissioun huet och ugekënnegt, datt am nächsten MFF 2028-2034 en **europäesche Fong fir d'Kompetitivitéit** agefouert wäert ginn, matt dem Zil, d'europäesch Kapazitéiten an zentrale strategeschen technologesch Beräicher ze stäerken – dorënner d'gréng an digital Transitioun, d'Gesondheet, d'Verdeedegung an den Weltraum.

### *3.4. Vereinfachung*

- Nieft all dësen Initiativen, geet gläichzäiteg och d'regulatoresch Vereinfachung weider, déi d'Haaptzil huet d'administrativ a regulatoresch Hürden an der EU ze reduzéieren. Dës Vereinfachung ass een vun den Mëttelen déi der EU aktuell zur Verfügung stinn, fir effektiv **d'Kompétitivitéit vun der EU kënnen ze stäerken** a fir d'Fragmentatioun vum Bannemaart ze reduzéieren. Méi intelligent Reglementatiounen bedeiten méi Plaz fir Innovatioun an nohaltege Wuesstum.

- *__EU ERWEIDERUNG__*

- D’EU Erweiderung stoung och dëst Joer nees rëm héich op der Agenda vun der Europäescher Unioun. Zënter dem Ausbroch vum Krich an der Ukrain ass d’EU-Erweiderung zu enger **strategescher Prioritéit** ginn. Duerch eng Erweiderung kënne mir sécheren, datt ons Grondwäerter op der internationaler Bün besser verteidegt a gestäerkt ginn. Esou kënne mir de Kandidateländer och eng konkret Perspektiv op sozialen an ekonomeschen Wuesstum, souwéi op Sécherheet an Stabilitéit virun externen Defien offréieren.

- **Kopenhagener Krittären vun 1993, Mérite propre, keng Ausnamen**

- Kandidateländer mussen sécherstellen, datt si sech matt der EU-Legislatioun, dem ***acquis communautaire***, virun hirem EU-Bäitrëtt vollkommen alignéieren. Do gëllt natierlech och en 100-prozenteschen Alignement matt der gemeinsamer EU-Aussepolitik.

- Als Grënnungsmember vun der EU engagéiert sech Lëtzebuerg dofir, dass d’DNA vun der EU, ons gemeinsam Prinzippien a Wäerter, erhale bleift.

- **Trotz notabelen Progrès’en vu Säiten vun Länner wéi... –**

  - **Albanien** : 28 vun 33 Kapitelen sinn innerhalb vun engem Joer op gemeet  ginn. Déi leschten fënnef Verhandlungskapitelen zu der Agrikultur, der Fëscherei an der Alimentatioun sollen nach dëst Joer de Sujet vun enger CIG ginn;

  - **Montenegro** : Huet am ganzen 7 Verhandlungskapitelen zougemaach, dräi dovunner leschten Dezember an eent dëst Joer. Et ass virgesinn deemnächst sechs weider Verhandlungskapitelen zoumaachen. D’Mise en place vun engem “*groupe de travail ad hoc fir d’Rédaktioun vum Traité d’adhésion*” ass an der Maach;

  **bleift 2025 e Joer vun mitigéierte Resultater wat d’Erweiderung ugeet**.

- A **verschiddene Länner** ass et zu weidere Réckschrëtt a Saachen Presse an Meenungsfräiheet komm. D’politesch Oppositioun an d’Zivilgesellschaft ginn duerch willkürlechen Verhaftungen verfollegt. Den Erweiderungsprozess matt **Nordmazedonien** stagnéiert weiderhin wéinst ongeléiste, bilateralen Froen. Wesentlech EU-bedéngt Reformen musse nach ëmmer duerchgefouert ginn. **Bosnien an Herzegowina**, souwéi de **Kosovo** erliewen momentan politesch Krisen déi den EU-Erweiderungsprozess ënnergruewen.

- Onstëmmegkeet op EU-Niveau ass den Haaptgrond firwat d’**Ukrain** an **Moldawie**n an hiren Bäitrëttsverhandlungen dëst Joer net weiderkomm sinn. Dës zwee Kandidateländer, déi 2022 den Kandidatestatus accordéiert kruten an deenen hier Bäitrëttsverhandlungen 2024 hei zu Lëtzebuerg lancéiert goufen, befannen sech an enger Sakgaass. Souwuel Moldawien wéi och d’Ukrain beméien sech staark fir déi néideg Reformen ëmzesetzen, dëst trotz engem Ugrëffskrich an auslänneschem Afloss an hier national Politik. D’moldawescht Vollek huet sech an de

parlamentareschen Walen vun dësem September nach eng Kéier fir d'EU Trajectoire vun sengem Land ausgeschwat.

### 3.5. *RECHTSSTAATLECHKEET*

- An enger Zäit, an där d'international Situatioun ëmmer méi onbestänneg gëtt, bleift d'Rechtsstaatlechkeet e fundamentale Pilier vun onser Gesellschaft. Iwwerall do, wou de Rechtsstaat u Kraaft verléiert, entsteet Onsécherheet an Onstabilitéit. Fir d'Europäesch Unioun ass d'Rechtsstaatlechkeet déi gemeinsam Grondlag, op där alles anescht opgebaut ass – onse Bannemaart, ons Fräiheeten, ons Sécherheet. Mee och hei gesi mir Entwécklungen déi ons Suerge maachen.

- De Schutz vun onse Grondprinzippien ass fir verschiddener leider keng Selbstverständlechkeet méi. Zesumme matt onse Benelux-Partner steet Lëtzebuerg un der Säit vun deene, déi fir d'Rechtsstaatlechkeet antrieden. Mir wäerte och weiderhin ëmmer d'Stëmm erhiewe wann ons fundamental Wäerter a Fro gestallt ginn. Mir gleewen un en oppene, respektvollen Dialog tëschent de Memberstaaten – mee och un ons Verantwortung, konsequent ze handelen, wann d'Prinzippie vun onser Unioun verletzt ginn.

- Am Rapport iwwer d'Rechtsstaatlechkeet leet d'Kommissioun dëst Joer en neie Schwéierpunkt op de Bannemaart. Effektiv ass d'Rechtsstaatlechkeet eng essenziell Viraussetzung fir onse Betriber e stabillen a previsibele Kader ze bidden a fir d'Kompetitivitéit vun der EU ze stäerken. Iwwerdeems begréisst d'Kommissioun am Rapport d'Initiativen a Beméiunge vu Lëtzebuerg an ënnersträicht, datt d'Bierger an Entreprise weiderhin e staarkt Vertrauen an ons Institutiounen hunn. Bei der Ëmsetzung vun de Recommandatiounen aus dem Rapport 2024 hu mir och substanziell Fortschrëtter gemaach – an dofir gehéiert Lëtzebuerg zu de wéinege Memberstaaten, déi dëst Joer nëmmen zwou Recommandatioune kruten. Dëst ass en Encouragement, awer och eng Verpflichtung fir dat Vertrauen weider ze verdéngen, a fir de Rechtsstaat als Fundament vun onser Demokratie an onser Unioun ze stäerken.

### 3.6. *LËTZEBUERGER PRESIDENCE VUM CONSEIL VUN DER EU 2029*

- Een usprochsvollen mee interessanten Exercice, deen hu mir vir d'lescht 2015 haten.

- Mir wäerten am Trio vun de Presidence matt Lettland an Italien ab Januar 2028 sinn.

- Eng fréi an zolitt Präparatioune ass wichteg, notamment fir ons grouss Linnen no virzebréngen, déi Strategesche Prioritéite vun der EU vir 2024-2029 ëmzesetzen mee och vue dem Enn vun dem legislativen Zyklus vun der EU an de Europawalen wärend onsem Mandat

- Den MAE huet eng Koordinatiounsroll, mee dës Aufgab mussen mir als gesamt Regierung, matt de verschiddenen Ministeren/Administratiounen zesumme ugoen fir e Succès ze hunn.

- Eng ideal Geleeënheet vir den Europäesche Projet nach mei no un ons Gesellschaft ze bréngen an si och duerch e kulturelle Programm anzebannen.

### *3.7. BILATERAL RELATIOUNEN MAM RESCHT VUN EUROPA*

- Eis bilateral Relatiounen matt onsen europäeschen Nopeschlänner stinn am Häerz vun onser aussepolitischer Agenda.

- Dëst gëllt och fir déi europäesch Partner, déi net Memberstaaten vun der EU sinn, mee zu der breeder europäescher Gemeinschaft gehéieren an eng bedeitend Roll an der regionaler Kooperatioun spillen. Dofir wëllen mir d'Relatioune an d'Kooperatioun matt hinne weider stäerken.

- Op diplomateschem Niveau engagéiert sech Lëtzebuerg an enker Zesummenaarbecht matt aneren europäesche Staaten fir eng **gemeinsam Approche fir d'global Problemer** ze fannen. Vu Migratioun a Mënscherechter bis op d'Entwécklung vun enger nohalteger an inklusiver Wirtschaft, stinn ons diplomatesch Efforte am Déngscht vun engem solidareschen a kollaborativen Europa voller Opportunitéite am Wuel vum Bierger.

- D'Erausfuerderunge vun haut maachen nët bei de Landesgrenzen Halt. Klimawandel, Mobilitéit, Gesondheetsversuergung oder och Digitaliséierung – dat sinn e puer vun de sëllegen Themen, déi ons all betreffen, egal op wéi enger Säit vun der Grenz mir stinn.

### *3.8. GROUSSREGIOUN*

- 2024 hat ech op dëser Plaz als roude Fuedem fir d'Relatioun matt onsen Noperen ze beschreiwen: **Koordinatioun a Kohärenz**. Dëst bleift weiderhi gülteg, well – wéi mer sou dacks soen: Lëtzebuerg ass keng Insel.Dowéinst ass de **konstruktiven Dialog matt onse direkte Noperen a Partner** esou wichteg. An ons engste Partner, dat sinn a bleiwen ons Noperen. Matt hinne komme mir reegelméisseg zesummen, fir un engem Dësch en oppenen a konstruktiven Echange ze féieren.

- Matt de Belsch hu mir d'Gäichel, matt de Franzousen d'CIG (*Commission intergouvernementale pour le renforcement de la coopération transfrontalière*), matt de Kollegen aus Däitschland – sief et vu Berlin, aus dem Saarland oder Rheinland-Pfalz – awer och der Wallonie, sti mir ëmmer a Kontakt fir **gemeinsam Léisunge fir ons gemeinsam Erausfuerderungen ze sichen**.

- **Op nei Kooperatiounsberäicher agoen** an e **Fokus op Fortschrëtt an Innovatioun** setzen: dat muss onse Kompass fir d'Zukunft sinn. Genee dës Dynamik – no vir an ëmmer am Dialog – dat ass eng Stäerkt vu Lëtzebuerg. ons **Roll an der Regioun**, **zesumme matt onsen Noperen**, awer och innerhalb vum Benelux an als Benelux innerhalb vun der EU, an domat **wäit iwwert ons Regioun eraus**, **ass et, net just zukunftsorientéiert, mee zukunftsweisend ze sinn**.

- Konkret bedeit dat och: Mir setzen ons och aktiv dofir an, **d'Liewe vun de Grenzgänger ze vereinfachen.** All Dag kommen Dausende Leit aus onsen Nopeschlänner bei ons schaffen – si **droe**

**wesentlech zur wirtschaftlecher, sozialer a kultureller Dynamik vun onsem Land bäi**. Vis-à-vis vun dëse mëttlerweil iwwert **233.000 Frontalieren (47% vun de Salariéen um Lëtzebuerg Aarbechtsmaart)** hu mir d'Verantwortung, hinnen den Alldag ze erliichteren: matt effizienten Transportléisungen, legale Kader fir Télétravail, digitaliséierte Verwaltungsprozesser an enger inklusiver Kommunikatioun. Domat bleiwe mir als Land an als Aarbechtsmarché attraktiv fir d'Zukunft an zéie weiderhin déi Talenter un, déi mir fir onse Wuesstem brauchen.

- Ergänzend zum bilaterale Volet matt onsen Nopeschlänner wieren déi multilateral Echangen an der Groussregioun an am Benelux ervirzehiewen. Et ass wichteg, dass mir net eleng agéieren, mee zesummeschaffen. Mir mussen ofgestëmmte Strategien entwéckelen, gemeinsam Léisungen ausschaffen, vunenee léieren an d'Synergien notzen, déi sech aus onser Diversitéit erginn. Och do sollen mir déi enk Relatiounen notzen an nei Projekter, nei Intitiativen ergräifen a proposéieren.

*Benelux*

- E Beispill vun der dëser enker Zesummenarbecht a vun revolutionären Initiativen: am Kader vum Benelux, a notamment ënnert onser Présidence, hu mir dëst Joer scho **65 Joer fräi Persounen Zirkulatioun** an den dräi Länner gefeiert. Aus dem Meilenstein den mir deemols gesaat haten, ass duerno de **Schengen-Accord gin denen séng 40 Joer** mer och am Juni gefeiert hun. Béid erënneren ons drun, wéi wichteg oppe Grenzen an d'Fräi Beweegung fir ons sinn. Fir d'Mënschen a fir d'Wirtschaft.

*Grenzkontrollen*

- Am Kontext vun den aktuelle Grenzkontrollen ass déi reegelméisseg Concertatioun (Récksprooch) matt onsen Nopeschregiounen aus der Groussregioun dohier néideg, zemools en vue vun onsem Aarbechtsmarché.

*Virbereedungen lëtzebuerger Présidence vun der Groussregioun*

- Mir kucken och no vir: D'Virbereedunge fir d'Presidence vu Lëtzebuerg an der Groussregioun 2027–2028 ginn deemnächst ugelaf. Gläichzäiteg wäerte mir 2028 och d'Presidence vum Benelux iwwerhuelen. Dës zwee Mandater bidden eng aussergewéinlech Geleeënheet, fir ons Prioritéiten ze setzen, d'Kooperatioun ze verdéiwen a gemeinsam Akzenter fir d'Zukunft ze setzen.

### 3.9. D'Siège-Politik

*EU*

- Lëtzebuerger Identitéit – e Grënnungsmemberen, en Etat-hôte an historesche Sëtz vun den EU-Institutiounen
- D'Zuel vun den EU Agenten konstant eropgaangen ass an de leschten 10 Joer mee Lëtzebuerg verléiert ëmmer méi vu senger Attraktivitéit als Sëtz an fir Talenter ze rekrutéieren an ze halen →

héich Liewenskäschten an der reduzéierter Kafkraaft vun den europäeschen Agenten am Verglach matt aneren Standuerter wéi Bréissel.

- Lëtzebuerg muss weiderhin Efforten maachen fir attraktiv ze bleiwen fir déi europäesch Institutiounen & hir 14.000 Agenten an fir néi Talenter
- Konkret a cibléiert Mesuren ginn an de kommende Méint matt der europäesch Kommissioun opgestallt.
- Eng gelongen Mesure déi Ufank 2026 wäert a Kraaft trieden ass d'Ofkommes vun dësm Joer tëschent der EU Kommissioun an der *Fédération des hôpitaux luxembourgeois* (FHL) mam Zil den *tiers payant* anzeféieren.

*International Organisatiounen*

- Diversifikatioun vun onsem Standuert an d'Verstäerkung vun der Presenz vun aneren internationalen Organisatiounen zu Lëtzebuerg.
- Dëst Joer konnte mir den "accord de siège" fir de Benelux Geriichtshaff deen op eng eenheetlech Interpretatioun vum Benelux-Recht zouschafft, ënnerschreiwen.
  - ➔ Wéinst onser zentraler geographescher Lag an onsem historeschen Engagement an europäeschen Institutiounen an internationalen Organisatiounen zënter dem Enn vum Zweete Weltkrich

## 4. Handelspolitik (europäeschen Niveau)

- D'Handelspolitik fënnt sech zanter dem leschte Joer an engem geopolitesche Kontext erëm, dee méi komplex, méi volatil a méi fragmentéiert ginn ass. Vu Washington iwwer Bréissel bis Peking hunn sech d'Approchen zum internationalen Handel geännert.

### *4.1. Transatlantesch Handelsbezéiungen*

- Tariffer

### *4.2. Politeschen Mëssbrauch vum Handel als Drockmëttel*

- Och vun anere Säiten ass de bestoenden System bedrot: Handelsbezéiungen ginn als Drockmëttel mëssbraucht. Engersäits duerch **Iwwerkapazitéit** déi den europäeschen Marché iwwerschwemmt, mee awer och duerch d'**Kontrolléieren vun Zougang zu kriteschen, méi seltenen Ressourcen.** Dowéinst muss eng Balance gehale ginn tëschent strategesche Partnerschaften an wirtschaftlechen Konkurrenzsituatiounen.

### *4.3. Iwwerkapazitéiten an kritesch Ressourcen a China*

- Virun allem a China ginn aktuell Iwwerkapazitéite produzéiert. Hei si vill europäesch Secteure vun deenen zousätzlechen Importer betraff. Och ons national Stolindustrie spiert d'Konsequenzen vun Iwwerproduktioun.

- Mir ënnerstëtzen dofir déi Schutzmoossnamen, déi d'Kommissioun Ufank Oktober proposéiert huet, fir d'Stolimporter em bal d'Hallschent op den Niveau vun 2013 ze reduzéieren.

- Och den Zougang zu kritesche Ressourcen, vu kritesche Mineralstoffer iwwer permanent Magnéiter, gëtt ëmmer méi iwwerwaacht, virun allem vu China. Dësen Zougang muss geschützt ginn fir eng Ofhängegkeet vun eenzelnen Acteuren ze verhënneren.

- Lëtzebuerg setzt sech op europäeschem an op internationalem Niveau fir e fairen Handelssystem an, wou Kompetitioun an engem regelbaséierte Kontext stattfënnt.

### *4.4. Welthandelsorganisatioun (WTO) & Mutilateralismus*

- De multilateralen Handelssystem, representéiert duerch d'Welthandelsorganisatioun (WTO), steet aktuell ënnert engem staarken Drock. Ënnert anerem stellen och d'USA, ee vun de Grënnungsmemberen, de System a seng Relevanz ëmmer méi a Fro.

- Europa muss an esou engem Kontext seng Zesummenaarbecht matt Partner, déi änlech Wäerter deelen, weider ausbauen, fir e Handelssystem ze stäerken, deen op Rechtsstaatlechkeet an internationalem Recht baséiert.

### *4.5. MERCOSUR ; HANDELSOFKOMMES VUN DER EU MATT DRËTTLÄNNER*

- Eng strategesch Diversifikatioun vun den Handelsbezéiungen vun der EU matt anere Wirtschaftspartner ass noutwenneg fir Ofhängegkeeten ze reduzéieren an zouverlässeg Partnerschaften ze schmidden.

- EU-Mercosur Accord : Garantien fir d'Leit a fir d'Produiten. Christophe Hansen.

- Besonnesch d'Verpflichtungen fir d'Ofholze vum Amazonas ze stoppen an de Respekt vum Paräiser Klimaofkommes, esou wéi de Schutz vun sensibelen landwirtschaftleche Secteuren si Fuerderungen, déi Lëtzebuerg konsequent vertrueden huet. Eng verstäerkte Kooperatioun mam südamerikaneschen Kontinent erlaabt et ons, ons Sozial- an Ëmweltstandarden ze verdeedegen – besonnesch am Kontext vun der wuessender Präsenz vun anere (manner alignéierte) Wirtschaftsmuechten.

- Nieft de Mesuren, déi schonn am Text integréiert sinn, huet d'Kommissioun zousätzlech Moossnamen ugekënnegt fir den Schutz vum Landwirtschaftssecteur bei der Ëmsetzung vum Accord ze stäerken. Dëst beweist eng seriö Äntwert op déi virgedroe Suergen.

- Rezent konnten d'Handelsrelatiounen och matt aneren wichtegen Partneren verdéift ginn: am September zum Beispill huet d'EU e Fräihandelsofkommen matt Indonesien ënnerschriwwen. Och d'Negociatioune matt Indien, den arabeschen Emirater oder Malaysien maache gutt Fortschrëtter. Beim Ofschloss vun neien Handelsaccorden ass et essentiel, datt Europa seng Wäerter net aus den A verléiert. Dëst bedeit, héich Standarden am Beräich vun Nohaltegkeet, Mënscherechter a Gouvernance weiderhin aktiv ze promovéieren a sécherzestellen, datt dës Prinzippien och am Text vun den Accorde verankert sinn.

## 5. FËRDERUNG VUM AUSSENHANDEL AN INVESTISSEMENTER (D8)

### 5.1. HANDELSVOLUMEN

- Lëtzebuerg ass eng vun den **oppensten Ekonomien vun der Welt**
  - ➔ Handelsvolumen vun **335 Milliarden Euro**
  - ➔ **Wat 388% vun onsem PIB** entsprécht.

- Eis Handelsbezéiungen sinn fest **am Bannenmarché vun der EU verankert matt 61%** vun onsen Echangen.

- Ganz international opgestallt matt den **reschtlechen 39% am weiten Ausland**.

- Niewent deem groussen Deel an der EU, haaptsächlech **vill Richtung Nordamerika an Asien**.

- **91%** vun onsen Echangen matt onsen **20-éischten Handelspartner**.

- Mir sinn staark an **den Servicer**, **déi 83% vum Handelsvolumen** ausmaachen (cf. Finanzplaz).

- **Bei den Gidder kommen mir op 17% vum Handelsvolumen oder 57 Milliarden Euro**.

- Mam Handelsvolumen vun 355 Milliarden Euro hunn mir **all Interêt op den Aussenhandel ze sëtzen**.

- Zumools an der **aktueller ugespaanter Situatioun** an der Welt, wou Dieren duerch Handelskricher zou ginn.

- Dohier och **d'Wichtegkeet vum stabillen a gutt-funktionéierenden Bannenmarché ouni Obstaclen** vun der EU fir ons Entreprisen.

### 5.2. WIRTSCHAFTLECH PROMOTIOUN VUN LËTZEBUERG AM AUSLAND

- Mäin Ziel ass et ons Handelsbezeihungen ze vergréisseren duerch eng **staark, kohärent an attraktiv Wirtschaftspromotioun**.

- No den Ouverturen vun **Ambassaden an Südkorea an Kanada**, onsen **Réseau diplomatique** an Präsenz vun **LTIOs verstäerken.**

- Den Minister Delles an ech waren op **Wirtschaftsmissiounen an Foiren** an d'USA, Japan, China, souwéi an Europa ënnerwee fir ons Betriber z'ënnerstëtzen.

- Ech war op enger ganzer Rei **Konferenzen fir nei Kontakter** ze knäppen fir Investissementer ze puschen, wei zum Beispill:

- **Berlin** Global Dialogue
- Milken Konferenz zu **L.A**.
- **Davos** Economic Forum
- Foire vum **Bourget** bei Pareis
- Raisina Dialogue zu **New Delhi**

- **2t Editioun vum Nexus** zu Lëtzebuerg matt **8.500 Participanten** aus der Tech Welt.

- **660 Speakeren aus 57 Länner** konnten mir unzéien fir Lëtzebuerg an der Landschaft vun den Tech Foiren z'etabléieren.

- Eisen Pavillon bei der **Weltausstellung zu Osaka** ass een weidert gutt Beispill:

  - **Eist Land, seng Kultur an wirtschaftlech Acteuren** virstellen
  - **Gastronomie :** Lëtzebuerger Wäin, Cremant an Bamkuch
  - **Partenariat matt der Dikrecher Hotel's Schoul:** Schüler konnten international Erfarung sammelen
  - Net ze vergiessen, den **Lëtzebuerger Savoir-faire an Traditioun** matt **onser Keelebunn!**

  [*Klengen Exkurs : Kultur-Diplomatie*]

- D' lëtzebuergescher **Keelebunn** déi mer zu Osaka opgestallt hun wor net just en Stëck vun onser Kultur, mee och eng **fantastesch Chance fir an der gudder Laun wertvoll Kontakter ze knäppen a Sympathien ze schaafen**. Ons Präsenz op der Weltausstellung zu **Osaka ass eng gutt Illustratioun vun der Wichtegkeet vun Kulturdiplomatie.**

- Eng modern Diplomatie geht iwwer Kontakter matt politeschen oder wirtschaftlechen Acteuren eraus. Diplomatie huet och en ëffentleche Volet – dat, wat mer **„public diplomacy"** nennen: Mir sichen den **direkten Kontakt zu de Leit, fir esou zu engem besseren Verständnis fir ons Iddien, ons Valeuren an ons Kultur bäizedroen**. Dat ass och en Deel vun der Arbecht vun onsen Ambassaden um Terrain.

- D'Kultur bréngt d'Leit zesummen. An d'Diplomatie och! Ons **Ambassaden uechtert d'Welt kënnen onse Kulturschaafenden interessant Plattformen an Opportunitéiten bidden**. Gläichzäiteg bidd déi Kulturdiplomatie och vill Opportunitéite fir d'Kreativitéit vun onsem Land ze weisen, an fir esou déi positiv Visibilitéit vun Lëtzebuerg ze förderen, ons Relatiounen ze verdéiwen, an ons Réseauen auszebauen.

- Den aneren Ministèren, mee och der **Chambre de Commerce** <u>**Merci soen**</u> fir déi exzellent Zesummenaarbecht fir den Pavillon.

- Als **Team Lëtzebuerg** hunn mir Resultater am Ausland!

- **Sinn stolz op**:

- Richtege Succès matt **376.000 Visiteuren**,
- **3t beschten Pavillon** vun renomméierter Japanescher Wirtschaftszeitung gewielt
- **Präis fir Nohaltegkeet** vum Bureau international des expositions (BIE)

### *5.3. E GUDDE KADER FIR D'BETRIEBER*

- Rappeléieren dass mir ons fir **ee gudden internationale Kader** fir ons Betriber asetzen.

- Aussenhandelspolitik déi op **onsen Valeure, dem Rechtsstaat** an dem Respekt vum **multilateralen Kader** opgebaut ass.

- **Ouni stäerken Etat de droit**, **schwéier fir ons Entreprisën ze schaffen** an e gutt a sécheren Investitiounsklima ze fannen.

- **Prévisiblen, multilateralen Kader** duerch **d'EU an d'Welthandelsorganisatioun** ass wichteg

- Grad esou wei den bilateralen Kader matt **Accords aériens an Doppelbestéierungsofkommen**

- Och den **COPEL (Comité pour la promotion des exportations luxembourgeoises)** ervirhiewen, duerch deen mir den Entreprisë matt **Exporthëllef** kënnen **finanziell ënnert d'Äerm gräifen**.

## 6. KONSULARESCH HËLLEF

- Diplomatie gëtt net nëmmen hanner zouenen Dieren matt aneren Autoritéiten gemach. Et ass och en **Service um Bierger**. Dozou gehéiert fir sech em d'Uleies vun den Lëtzebuerger am Ausland ze bekëmmeren. Sief et Rapatriementer vun Bierger am Fall vu Krisen oder Katastrophen, oder méi klassesch e verluerene Pass ze ersetzen oder Hëllef am Fall vun engem Accident ze kréien: **den Ausseministère ass do fir den Leit ze hëllefen, zesumme matt sengen Ambassaden an Konsulater!**

- Dass déi allgemeng geopolitesch Lag tendenziell méi geféierlech gët, mierken mer och am Konsularberäich. **D'Krisen an Regiounen wou och lëtzebuerger Bierger ënnerwee sin, heefen sech**. Och dëst Joër wor meng Equipe **besonnesch am Noen Osten** nees komplett mobiliséiert fir am Noutfall onsen Leit an där Géigend esou gutt wéi méiglech ze hëllefen, sief et am Kontext vun der Israël-Iran Kris oder am Fall Gaza [z.b: lëtzebuerger Participante an der Gaza Flotilla]. An deem Kontext ass en kruzialen Faktor och ëmmer déi enk Ofstëmmung matt den europäeschen Partner am allgemengen, an ganz besonnesch matt den Benelux Länner.

- Ganz spezifesch **de Frënn aus der Belsch wëll ech Merci soen** fir déi exzellent Kollaboratioun am Beräich vun den affaires consulaires. Dëst Joër feieren mer zesummen den **60. Anniversaire vun der belsch-lëtzebuergescher Conventioun vun 1965**, déi virgesäit datt d'Belsch Vertriedungen de Lëtzebuerger Bierger iwerall do hëlleft, wou mir selwer keng eegen Vertriedungen hunn. **An iwwregens mecht Lëtzebuerg am ëmgedréite Fall och dat selwecht fir belsch Bierger.**

- An dem Kontext vun der konsularesch Hëllef, wëll ech dëst Joër och d**' Arbecht déi ons ronn 150 Honorarkonsulen uechtert d'Welt machen**, ervirhiewen. Besonnesch do wou Lëtzebuerg keng Ambassade oder Konsulat nobai huet, kann dësen Réseau och dozou baidroen fir onsen Matbierger an Noutsituatiounen ze hëllefen. Ech hun se dëst Joer am Juli alleguer op Lëtzebuerg agelueden, fir en Erfahrungsaustausch an natirlech fir hinnen en groussen Merci ze soen.

- Wéi schon d'lescht Joër wëll ech nach en **Opruff un d'Leit dobaussen machen, fir sech virun Auslandsopenthalter iwert „guichet.lu" op der Plattform "LAMA - Lëtzebuerger am Ausland" anzeschreiwen**. Wann d'Leit do hir Coordonnéen hannerloossen, ass et wiesentlech méi einfach fir meng Servicer fir se am Fall vun enger gréisserer Sécherheetskris oder Naturkatastroph proaktiv kënnen ze ereechen, an esou ons Méiglechkeeten fir eng Assistance consulaire ze leeschten vergréisseren.

- Den Undrang un den **Guicheten vum Aussenministère an den Konsulater** wor och dëst Joer nees grouss. Ech hat d'lescht Joër schon erfirgehuewen dass d'Zuelen vun Demanden iwert d'Joren explodéiert sin. Mer sin elo an pro Joër bei ronn **60.000 Päss** ukomm déi mer ausstellen, a bei ronn **30.000 Visasdemanden** fir Leit déi wëllen op Lëtzebuerg kommen.

- An onsen internationalen Kontakter machen mir och all **Efforten** – sief et reng bilateral oder an Cooperatioun matt dem Benelux an der EU- , **fir onsen lëtzebuerger Bierger d'Reesen am Rescht vun der Welt ze vereinfachen**. An onse Gespréicher sëtzen mir ons ëmmer dofir an, dass ons Bierger keng Visaen am Viraus mussen ufroen fir dass se kennen an e Land areesen. **Den Lëtzebuerger Pass erlaabt et elo a méi wéi 170 Länner ze reesen ouni kompliziéiert**

**Formalitéiten.** Dat ass eng schéin Errungenschaft. Sait engem Joër sin nei Facilitéiten fir Reesen vun Lëtzebuerger a China, dem Vietnam an der Mongolei dobaikomm. En lëtzebuerger Pass an der Täsch hun, daat ass net just en dréchent administrativ Dokument ! En hëlleft onse Landsleit d'Welt matt méi Liichtegkeet ze entdecken.

- Zu den wiesentlechen Aufgaben vun all Diplomatie gehéiert och ëmmer **d'Interessenvetriedung vun den Staatsbierger déi permanent am Ausland liewen**. Den Fall vun Lëtzebuerg ass do ganz spezifesch: Iwer **153.000 Lëtzebuerger liewen am Ausland, dat si baal 30% vun der Gesamtzuel vun alle Lëtzebuerger Bierger** (29,5%, fir genau ze sin). Iwwer d'Nationalitéitengesetz sin an den leschten Joren Zengdausenden nei lëtzebuergesch Staatsbierger baikomm, déi zum Deel op aneren Kontinenter liewen, an onst Land och nët onbedengt ëmmer ganz gut kennen. Am Kader vun den „affaires consulaires" sin mir fir all Lëtzebuerger do.

- Et wäerten och weiderhin nach "nei" Lëtzebuerger bäikommen, besonnesch an den USA an a Brasilien. Déi Leit déi d'Nationalitéit op Basis vun hirer Familljegeschicht erëmkréien, froen ëmmer méi oft och e Pass. Dat ass eng gewëss Belaaschtung fir ons Servicer op den Ambassaden, déi mer mussen en Compte huelen.

- Mir hunn an onsem Koalitiounsprogramm stoen, dass mir ons Gedanke wäerten iwwert d'Lëtzebuerger Diaspora am Ausland maachen, an ech wäert déi Diskussioun am Regierungsrot ustoussen. Ech gesinn do vill **potentiell Opportunitéiten vun de villen Lëtzebuerger am Ausland, déi ee kéint** ausschöpfen: Mir brauchen **Réseauen** an der Welt déi ons kënnen hëllefen Dieren opzemachen. Mir brauchen **Relaisen fir ons Interessi** ze förderen. ons **Wirtschaft brauch och nei Talenter**. onst Land brauch och einfach „Good Will" an Sympathien. Et geet och hei em onsen Image am Ausland : 150.000 Lëtzebuerger am Ausland, daat sin potentiell 150.000 Leit déi zum Ruff vum Land kënnen baidroen. Fir seng Kultur, fir seng Valeuren a fir seng Wirtschaft.

## 7. Ausbléck op Enn 2025 an d'nächst Joer

- D'Lëtzebuerger Betriber bleiwen **am Zentrum** vun onser Opmierksamkeet an Aktiounen.

- Eist Objektiv mei **Investitiounen op Lëtzebuerg ze bréngen**, di hëllefe wäerten ons **Wirtschaft nohaltlech ze gestalten** an **Aarbechtsplazen ze schafen**.

- Och fir **d'Joer 2026 vollen Programm** virgesinn. An all den Domainen, déi ënnert den Ausseminister falen, also **Bilateral Bezéiungen matt Europa an der Welt, Cooperatioun an humanitär Hëllef, Aussenhandel, multilateral Zesummenaarbecht.**